N°212
Entrée le 22.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2024

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Januar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Baussen an EU-Minister weiderzeleeden.

Bäi den EU-Parlamentswalen den 9. Juni kënnen EU-Auslänner decidéieren, op si am Walbüro vun hirer Wunngemeng iwwert déi Lëtzebuerger Vertriedung an der héijer Kierperschaft ofstëmmen, oder ob si iwwert d'Ambassade vun hirem Hierkonftsland déi entspriechend national Lëschte wëlle stëmmen. Falls si fir déi éischt Decisioun optéieren, mussen si eng Declaration sur l'honneur ënnerschreiwen, keng zweete Kéier iwwert eng weider Vertriedung matzestëmmen, fir en Zweeklassewalrecht ze vermeiden.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Baussen an EU-Minister gär dës Fro stellen:

1) Wéi gëtt de Respekt vun där entspriechender Declaration sur l'honneur kontrolléiert? Gëtt en automateschen Datenaustausch mat den zoustännegen Ambassade virgeholl an dobäi och séchergestallt, datt keen a sengem Hierkonftsland d'Bréifwal ugefrot huet? Wéi eng Strofe ginn am Fall vun engem Verstouss geschwat?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N°212
Entrée le 20.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, Xavier Bettel a vum Premierminister, Luc Frieden, op d'parlamentaresch Fro n° 212 vum 22. Januar 2024 vum honorabelen Deputéierten Fred Keup**

Am Kader vum automateschen Datenaustausch deen op der Basis vun der Directive 93/109/CE tëscht den EU-Memberstaate stattfënnt, kommunizéiert den Ausseministère, gemäß dem Artikel 9 vum Walgesetz, d'Datë vun den ageschriwwenen EU-Auslänner un déi concernéiert Memberstaaten. Wéi déi aner Memberstaaten des Informatiounen un hier Ambassadë weider ginn, läit an der nationaler Kompetenz vun all Memberstaat.

Den Artikel 113 vum Walgesetz gesäit eng Geldstrof vun 251 bis 2.000 Euro an eng Gefängnisstrof vun 8 bis 15 Deeg vir, wann eng Persoun vun enger multipler Inscriptioun profitéiert fir méi wéi eng Kéier ze wielen.

Lëtzebuerg, den 20. Februar 2024

De Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel